



N° 6507
Reçue le 20.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.

Ëmmer méi elektresch Autoen hu verschidde Kameraen, déi net nëmme während dem Fueren d'Ëmgéigend filmen, mee och wann den Auto geparkt an net a Gebrauch ass. Soubal den Auto eng Aktivitéit erkennt, fänkt en u mat filmen. Esou sollen a Fäll vu Schied an Accidenter Beweiser gesammelt ginn an de Besëtzer gëtt och vum Auto selwer iwwer Schied alarméiert, während den Auto geparkt ass. Dës Kameraen, wéi se zum Beispill an den Autoen vun Tesla ze fanne sinn, an déi 24h/24h kënnen ufänken ze filmen, werfen eng Rei Froen op, wat d'Recht op informationell Selbstbestëmmung vun deene Leit ugeet, déi bei eventueller Beweegung ronderëm den Auto onfräiwëlleg mat gefilmt ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. U wéi eng gesetzlech Basis mussen sech Besëtzer vun Autoen halen, wann hiren Auto öffentlech Plaze filmt?
2. Muss eng Autorisatioun ugefrot gi fir den Asaz vun den Autokameraen?
3. Wéi eng Konditiounen ginn et fir d'Police, fir op dës Donnéeën zougräifen ze kennen? Wéi oft ass dëst an den leschten 12 Méint gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu